



Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°4136 vum 22. Mee 2026 vum honorablen Deputéierten Charles Weiler betreffend der rezenter Ausschreiwung fir den RGTR-Busreseau.

Kann d'Madamm Ministesch erklären, aus wéi enge Grënn de Respekt vum Kollektivvertrag net méi explizitt als obligatoresche Critère am neie Cahier des charges virgesinn ass?

Et ass falsch ze behaupten, dass de Kollektivvertrag net méi als obligatoresche *Critère* am neie Cahier des charges stoung. D'Referenz op de Kollektivvertrag stoung explizit am initiale *Cahier administratif* vum 30. Abrëll 2026 op der Sait 9. Dei zwee *Cahiers des charges – administratif* an *technique* – sinn als Ganzt am Kader vun engem Marché ze gesinn.

Am Kader vun der Soumissiounsprozedur, musse Froe vun de potentielle Soumissionnairen zu de Soumissiounsdokumenter iwwert den "*Marchés publics*" Portail (PMP) eragereecht ginn. Fir méi Kloerheet ze schafen, an och als Äntwert op Froe vu potentiellen Soumissionnairen an dëser Soumissiounsprozedur, goufen op den Datum vum 28. Mee 2026, weider Präzisierungen an der *Partie technique* vun de Soumissiounsdokumenter, iwwert de PMP agebaut.

Firwat ass am Kader vun der neier Ausschreiwung keng verbindlech Dispositioun betreffend d'Iwwerhuele vum Personal bäibehale ginn?

An de leschten Ausschreiwungsprozedur fir Busdéngschter, notamment an de Joren 2023, 2024 an 2025 wor dës Dispositioun schon net méi an de Soumissiounsdokumenter virgesinn. Bei dësen Ausschreiwunge sinn och deemools keng Froen oder Ureegunge vu potentielle Soumissionnairen a soss Akteuren zu dësem Punkt erakomm gewiescht. Et goufen och keng Schwieregkeeten um Terrain un *d'Administration des transports publics* erugedroen, wat *d'Reprise du Personnel* betrëfft. Et sief och drun erënnert, dass den Artikel 127 vum Aarbechtsrecht iwwert *d'Reprise* sech applizéiert. Aus all dëse Grënn ass déi Dispositioun och säitdeem a kenger Ausschreiwung fir Busdéngschter méi virgesinn.

Zu deem spezifesche Punkt fënnt een och an Tëschenzäit am modifizéierte Soumissiounsdossier um PMP Präzisierungen an Upassungen.

Wéi begrënnt d'Madamm Ministesch d'Erweiterung vun de Sproochenufuerderungen fir Buschaufferen am RGTR-Reseau?

Des Ännerung ass op zwee Facteuren zeréckzeféieren. Zum enge stelle mir eng *Pénurie* beim Fuerepersonal fest, an des Dispositioun géif et erlaben, wuel gemierkt am Kader vum Kollektivvertrag, aus méi engem breede Pool och vu rezente *Résidents* a Frontalieren ze rekrutéieren, déi ufanks am beschten Englesch schwätzen. Ausserdeem kommunizéieren ëmmer méi vun de Passagéierinnen a Passagéier op Englesch, Sproochekenntnisser am Englesche géingen also d'Qualitéit vum Service fir d'Benotzerinnen a Benotzer vum ëffentechen Transport verbessern.

Als Äntwert op eng Rei Froe vu potentielle Soumissionnairen, déi iwwert de PMP erakomm sinn, gouf dësen Abschnitt klarifizéiert an entspreichend ugepasst.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Wéi gëtt an deem Kontext verhënnert, datt et zu enger Verschlechterung vun den Aarbechskonditiounen oder zu Forme vu Sozialdumping am Secteur kënnt?

Wéi schonn erkläert wor de Respekt vum Kollektivvertrag explizit am Soumissiounsossier festgehalen. Et gouf also keng Intentioun fir mat dësem Marché an iergend enger Form ee Sozialdumping ze erméiglechen.

Lëtzebuerg, den 29. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes